CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Direction générale

Lëtzebuerg, de 18 mars 2022

Un all fräiwëlleg an haaptberufflech Pompjeeën,
Un all Pompiers de support an
Un all administrativ & technesch Mataarbechter
vum CGDIS, déi am Kader vun der
Impfcampagne gehollef hunn

Référence : LET-DGE-20220316
Affaire suivie par : Paul Schroeder

**Betrëfft : Ee Merci fir Äert Engagement am Kader vun der Bekämpfung vun der Pandemie COVID-19**

Dir Damen an Hären,

Säit dem Dezember 2020 huet d'Impfcampagne vum Gesondheetsministère zesumme mam Haut-Commissariat à la protection nationale Iech vill Zäit an Engagement ofverlaangt. Elo wou mir, Mëtt Mäerz 2022, och vum leschte Posten, deen de CGDIS an den Impfzenteren bedriwwen huet, ofgeléist ginn, wëll ech d'Geleeënheet notze fir Iech ee grousse Merci auszedrécken.

Während der Impfcampagne huet de CGDIS diverswichteg Aufgaben iwwerholl:

- Bedreiwe vun Éischt-Hëllef-Posten a vun bis zu 6 Impfzentren gläichzäiteg, zesummen mat de Kolleegen vum Organisme agréé "LuxAmbulance";
- Bedreiwe vu verschiddenen administrative Posten an Zesummenaarbecht mat anere Corpsen;
- Begleedung vun de mobillen Impfequippen an de Fleege- an Altersheimer;
- Bedreiwe vun der Logistik fir all eenzelen Impfzenter deen e ganz héischen Materialverbrauch mat sech bruecht huet;
- Koordinatioun an Ënnerstëtzung vun all dëse genannte Leit.

Bis op de Volet vun der Logistik, deen och bis op Weideres vun de Leit aus dem CALT Miersch ausgefouert gëtt, wäert de CGDIS zukünfteg net méi fir dës Missioune sollicitéiert ginn. Nëmme mat Ärem groussen Engagement fir Är Matmënschen, ass et dem CGDIS gelongen, alles dëst ze realiséieren ouni déi eegen Aufgaben aus den Aen ze verléieren. Scho virun der Impfcampagne huet de CGDIS deenen anere staatlechen Acteuren a Responsabele gewisen, dass seng fräiwëlleg an haaptberufflech Mataarbechter disponibel a reaktiv sinn an zu all Moment hëllefe wou si kënnen. Ech denken hei ënnert anerem un d'Logistik oder awer och un d'Hotline.

Ech wëll ergänzen, dass dës Sortie aus der Campagne net op d'Aarbecht vun de Mataarbechter vum CGDIS zeréckzeféieren ass, mee well d'Impfen, wat als Urgence ugefaangen huet, mëttlerweil zum Alldag ginn ass an aner Instanzen dës Aufgaben elo iwwerhuele sollen. De CGDIS ass vun Natur aus duerfir do fir schnell, professionell, präzis sou wéi punktuell ze reagéieren. Fir all déi Aarbecht déi Dir geleescht huet, well ech Iech all villmools Merci ze soen an Iech méin Respekt ausdrécken.

Mat frëndleche Gréiss,

De Chef de Corps,

Paul SCHROEDER

**Corps grand-ducal d'incendie et de secours**
3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +352 497712010 · dge.@cgdis.lu · www.cgdis.lu
Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36